Entrée le 04.08.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 07.08.2023

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Ministère de l'Agriculture,
de la Viticulture
et du Développement rural, 8
Référence: 519/2023
- 7 AOUT 2023
A traiter par:
Copie à:

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 04/08/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Energie & Landwirtschaft weiderzeleeden.**

An hirem Programm vun 2018 huet sech d'Regierung verflicht fir d'Iessensverschwendung ze verréngeren. Wéi een um Landwirtschaftsportal liest, goufen Enn 2022 am Duerchschnëtt 88,5kg Liewensmëttel pro Stot ewechgehäit. Dës wieren, laut Portal, zu 21% vermeidbar gewiescht.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi héisch war d'Liewensmëttelverschwendung 2018 (an kg pro Kapp)?
2. Wéi héisch ass d'Liewensmëttelverschwendung haut (an kg pro Kapp)?
3. Wéi vill ass d'Liewensmëttelverschwendung bis elo erofgaangen (an % an an absolutten Zuelen)?
4. Wéi vill Prozent vun den Iessensoffäll ginn a Bio-Gas-Anlage verschafft?
5. Wéi vill Prozent vun den Iessensreschter zu Lëtzebuerg goufe vu Stéit produzéiert? Wéi vill vun aneren Acteuren (Eenzelhandel, Restauratioun)?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture
et du Développement rural

**Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Landwirtschaft, Waibau a ländlech Entwécklung a vun der Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung op d'parlamentaresch Fro n°8207 vum 4. August 2023 vum éierewäerten Deputéierten Här Marc Goergen iwwert d'Verréngerung vun Iessensverschwendung**

**1. Wéi héisch war d'Liewensmëttelverschwendung 2018 (a kg pro Kapp)?**

Am Joer 2018 haten d'Privatstéit 94,9 kg Liewensmëtteloffäll pro Kapp produzéiert.

D'Zuel vun 88,5 kg, déi um Landwirtschaftsportal genannt gëtt, bezitt sech och ob d'Joer 2018. Dës Zuel gouf an enger Etude ermëttelt, déi vun der Ëmweltverwaltung beoptraagt gouf: https://environnement.public.lu/fr/offall-ressourcen/types-de-dechets/Biodechets/Gaspillage_alimentaire/Etudes_et_resultats.html. D'Berechnungsmethod ass hei awer liicht ënnerschiddlech wéi bei der offizieller Berechnung fir d'Soumissioun un Eurostat.

**2. Wéi héisch ass d'Liewensmëttelverschwendung haut (a kg pro Kapp)?**

Déi aktuellsten Zuele bezéien sech op d'Joer 2021. Am Joer 2021 haten d'Privatstéit 73,6 kg Liewensmëtteloffäll pro Kapp produzéiert.

**3. Wéi vill ass d'Liewensmëttelverschwendung bis elo erofgaangen (an % an an absolutten Zuelen)?**

D'Liewensmëtteloffäll vun de Privatstéit sinn tëschent 2018 an 2021 ëm 0.415 t erofgaangen, wat ronn 18% ausmécht.

**4. Wéi vill Prozent vun den Iessensoffäll ginn a Bio-Gas-Anlage verschafft?**

Enger grober Schätzung no kann ee soen, datt bal 50 % separat agesammelt an an enger Biogas- oder Kompostanlage verschafft goufen. Dës Zuel beinhaltet och den Eegekompost.

**5. Wéi vill Prozent vun den Iessensreschter zu Lëtzebuerg goufe vu Stéit produzéiert? Wéi vill vun aneren Acteuren (Eenzelhandel, Restauratioun)?**

2021 goufe folgend Liewensmëtteloffäll produzéiert: 46.727 t (56%) vun de Privatstéit, 8.861 t (11%) vum Eenzelhandel, 9.466 t (11%) vun der Restauratioun an 11.333 t (13%) vun der Industrie. Zousätzlech sinn nach 7.235 t (9%) an der Primärproduktioun ugefall.

Lëtzebuerg, den 25. September 2023
De Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung,

(s.) Claude HAAGEN